Invitatioun a Generalversammlung Februar 2021

Léif Memberen

Am leschte Joer war villes anescht a bis elo ass keng grouss Ännerung fir déi nächst Méint ze gesinn. Esou hu mir decidéiert fir eis jäerlech Generalversammlung der haiteger Situatioun unzepassen. Eng flott Generalversammlung wéi an dënne leschte Joren ass net méiglech, an dofir maache mir dat schréftlech.

Mir denken un eis Verstuerwen, besonnesch un eisen Tresorier de Laux Nicolas den eis onerwaart verlooss huet. Dësweideren denke mir un e fréiere Comitésmember den Här Ady Grethen esou wéi och un déi Memberen déi hei net ernimmt sinn.

Sidd Dir mam Aktivitéitsbericht , Keesebericht, Neiwale vum Comité, bref mam Resultat 2020 averstanen, da brauch Dier iech net ze mëllen. Wëll Dir méi Informatiounen, oder sidd Dir net mam Resultat 2020 averstanen, da sot eis bis spéitstens den 19. Februar 2021 entweder per E-Mail amicale@amicale-ltpem.lu oder per Telefon um 432131 Bescheed.

Aktivitéitsbericht Exercice 2020

22.Januar 2020 Generalversammlung
Ausser dem Comité ware present :
Schouldirekter Theo Thill
Directrice-adjointe Martine Berchem
Vertrieder vun der Elterevereenegung Nadine Du Bois a Lucie Kunikova
Vertrieder vun de Scouten Fernand Champagne a Jean Weiler
An der Generalversammlung ware mir zu 45
Den Ordre du Jour war de normale Programm den eng Generalversammlung verlaangt.
Den Aktivitéitsbericht, Keesebericht Neiwalen vum Comité wéi och Provisiounen fir 2020 goufen ouni Géigestëmm ugeholl.
No dem offiziellen Deel war den Buffet um Programm.

Aktivitéiten :
Comitéssetzungen : 8.1. an 9.3. 2020
22.1. 2020 Generalversammlung Amicale
12.2.2020 Generalversammlung Comité Culturel
13.7. 2020 Diplomfeier fir 13e Klassen mat Iwwerreechung vun engem Chèque Cadeau fir den Élève méritant Gomes Rolo Xavier
20.11. 2020 Generalversammlung Scouten iwwer Video
16.12.2020 Generalversammlung Elterevereenegung iwwer Video

Keesebericht.

CCP + Konto BIL

Jahr 2020

Monatsübersicht Ein-/Ausgaben

Monat	Einnahmen	Ausgaben	Monats-Saldo
Jan	1.820,80 €	956,20 €	864,60 €
Februar	148,00 €	0,00 €	148,00 €
März	144,00 €	0,00 €	144,00 €
April	30,00 €	304,70 €	-274,70 €
Mai	0,00 €	0,00 €	0,00 €
Juni	385,00 €	17,90 €	367,10 €
Juli	120,00 €	100,00 €	20,00 €
August	0,00 €	0,00 €	0,00 €
September	0,00 €	0,00 €	0,00 €
Oktober	0,00 €	0,00 €	0,00 €
November	0,00 €	177,09 €	-177,09 €
Dezember	334,00 €	79,47 €	254,53 €

Pierre Legille - Keeserevisor : Salut Roger, Ech hunn deng Keess kontrolléiert, et ass ganz easy, super gemaach an alles klappt. Duerfir kriss du vu mir d'Decharge.

Georges Urbany - Keeserevisor : Gudde Moien Roger,
Ech hunn gëschter deng Keess kontrolléiert mat deenen Dateien déits du mir den 12.Januar geschéckt hues mat Mail an och iwwer de Site WeTransfert, a kann der confirméieren dat ech keng Anomalie fonnt hunn (e Luef et ass alles perfekt gemaach) an ech wäert an der Generalversammlung froen fir dir « Decharge » ze ginn.

Neiwale vum Comité

Memberen déi austrieden an hier Kandidatur erëm stellen :
Alphonse Bressanutti, Tessy Costantini, Jean-Jacques Kohn, Luc Ley

Nei Memberen :

Mike Beidler
1998 Entrée Emile Metz. Nom CATP 2006-2008 Léier als Fliegermekanicien bei der Cargolux. Elo Inspekter/CRS (däerf ënnerschreiwen dass de Fliger no engem Check fléie kann. D-Check Supervisioun beim D-Check.

Mike Braun
2002 Entrée Emile Metz. 2005 CATP als Industrie-& Wartungsmechaniker. Huet eng Zäit bei Ameco um Roost geschafft. Säit 2008 schafft hien beim Sidero a këmmert sech em Divers Aarbechten op verschiddene Kläranlagen.

Joe Herrmann
2003-2005 Emile Metz. Duerno am Arts&Métiers fir d'13^{e} ze maachen iert hien zu Oochen op der Fachhéichschoul e Bachelor am Maschinnebau ofgeschloss huet. Haut schafft hien bei der CFL am Beräich Qualitéit an Tëschefäll.

Daniel Thill,
1996-2002 vu 7^{e} bis CATP Emile Metz,. Léier als Zerspanungsmechaniker. Nom CATP 8 Joer bei der CFL. September 2010 zeréck an den Emile Metz als Maître d'Enseignement Technique bei den Zerspanungsmechaniker.

Aktivitéiten fir 2021

Si vun der Sanitär Situatioun ofhängeg